N°562
Entrée le 02.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Den 11te Mäerz huet Greenpeace eng Plainte bei der OECD géint de Pensiounsfong (FDC) agereecht. Greenpeace reklaméiert, dass d'Investitiounsstrategie vum Pensiounsfong net d'*Guidelines for Multinational Enterprises* vun der OCED respektéiert, well et un due digilence Aarbecht feelt. Laut ESG Investor ( https://www.esginvestor.net/luxembourg-sovereign-pension-fund-subject-to-oecd-complaint/ ) wënscht Greenpeace sech mat dëser Mediatiounsprozedur erëm een Austausch tëscht dem FDC an der ONG selwer.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech d'Regierung als Deel vun dem Conseil d'administration vum FDC zu dëser Plainte bei der OECD?
2. Wäert d'Regierung sech dofir asetzen, dass den FDC sech erëm mat Greenpeace an aneren Organisatiounen an der Zivilgesellschaft un den Dësch setzt, fir iwwert d'Investitiounsstrategie ze schwätzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°562
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 562 vum 2. Abrëll 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

*1. Wéi positionéiert sech d'Regierung als Deel vun dem Conseil d'administration vum FDC zu dëser Plainte bei der OECD?*

D'Regierung suivéiert dësen Dossier a verweist fir de Moment op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro no 434 wat d'Investissementspolitik vum FDC betrëfft.

*2. Wäert d'Regierung sech dofir asetzen, dass den FDC sech erëm mat Greenpeace an aneren Organisatiounen an der Zivilgesellschaft un den Dësch setzt, fir iwwert d'Investitiounsstrategie ze schwätzen?*

Greenpeace huet eng Entrevue bei der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet gefrot fir iwwert d' « politique de durabilité du Fonds de compensation » ze schwätzen a wäert des Entrevue a Funktioun vun den Disponibilitéiten an der Agenda accordéiert kréien.

Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2024

D'Ministesch fir d'Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez